

## Wéi léieren d'Kanner ?

Vu kleng op sin d'Kanner op d'Léieren ausgeriicht an si motivéiert sech Fähigkeeten a Kenntnisser unzëeegnen. Hir Entwecklung gët ugedriwwe vun hirer Freed um Erfuerschen an Ausprobéieren.

D'Kand léiert vun Ufank un a matt alle Sënnen. Et wëll méi iwwer sech an d'Welt gewuer gin, an ass esou Acteur vun senger eegener Bildung.

D'Fachleit schwätze vu „Selbstbildung“.

Fir kleng Kanner gehéieren „Spillen“ a „Léieren“ zesummen. Am Spill setzt sech d'Kand intensiv matt sech selwer a senger Umwelt ausenaaner. Et mecht sech matt aldeegleche Géigestänn vertraut, léiert wéi se beschafe sin, wéi se sech ënnerscheiden an entweckelt esou eng ëmmer besser Virstellung dovun. Et experimentéiert matt de Saachen a léiert esou wéi se funktionnéieren, firwaat se ze gebrauch sin a wat fir e Sënn se hun. D'Spillen dréit zu senger kognitiver Entwecklung bai.

D'Spillen ass wichteg fir seng emotional a sozial Entwecklung : d'Kand erliewt Enttäuschung wann eppes nët geet wéi et wëll a Freed wann eppes endlech gelengt. Am zesumme Spillen léiert d'Kand ze kommunikéieren a wéi aaner Kanner op et reagéieren.

D'Spill ass, anescht wéi beim Erwuessenen, fir d'Kand keng Niewesächlechkeet, mee eng ganz wichteg Aktivitéit. Et gët gesoot, datt „D'Kanner sech an d'Liewen spillen“.

Kanner sin hëllefsbereed a weisen een deem aanere wéi eppes geet. Am Zesummeliewen léiere si sech duerch ze setzen, zreck ze huelen a Kompromisser anzegoen. Se léieren waat dozou gehéiert fir zesummen eppes ze errechen. D'Kanner léieren ee vun deem aaneren.

Kanner léiere vun hire Besuchspersonen. Si observéieren genee wéi Erwuessener handelen. Se probéieren se ze verstoen an imitéieren si.

Mir kënnen d'Kanner am Léieren ënnerstëtzen.

Waat d'Kand méi Erfarunge maache kann a waat et matt méii Sënner d'Welt erfuersche kann, waat et méi léiert. Duefir brauch d'Kand méiglechst vill a verschidden Ureegungen.

Voraussetzung, datt e Kand sech traue kann eppes auszprobéieren an esou ze léieren, muss et sech emotional sècher spieren: et muss sech wuel fillen a sech ënnerstëtzt fillen. D'Kand muss wëssen, datt et Feeler maachen därf.

Waat d'Kand méi seng eegen Interessen a Fähigkeeten abrenge kann, waat et méi motivéiert ass aktiv ze sin an domatt intuitiv och ze léieren. Duefir ass et wichteg, datt si sech abrenge kënnen a mattgestalte kënnen.